PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/01/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung & Landwirtschaft weiderzeleeden.

Am Kapitel 9 vum Juegdgesetz ass festgehalen wéi de Juegdschäin (Permis de chasse) zu Lëtzebuerg ausgestallt gëtt. An dësem Gesetz ass iwwerdeems virgesinn, dass den zoustännege Minister engem Jeeër de Juegdschäin a bestëmmte Fäll kann entzéihen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. D'Artikelen 61 bis 65 ernimmen déi verschidde Juegdschäiner, déi kënnen ausgestallt ginn. Dës sinn :

    - le permis annuel
    - le permis de trois jours, appelé permis d'invité
    - le permis de service

    Wéi huet d'Gesamtunzuel u Juegdschäiner an de leschten 10 Joer variéiert (opgelëscht no Schäin an no Joer)?

2. Den Artikel 60 vum Gesetz gesäit vir, dass Jeeër mat engem auslännesche Juegdschäin eng Equivalenz zu Lëtzebuerg ufroe kënnen. Wéi vill Juegdschäiner sinn an de leschten 10 Joer op Basis vum Artikel 60 ugefrot an accordéiert, respektiv refuséiert ginn (opgelëscht pro Joer)?

3. Wéi vill Lëtzebuerger hunn hiere Juegdschäin am Ausland gemaach an eng Equivalenz zu Lëtzebuerg ugefrot (opgeschlësselt no Land a Joer)?

4. Wéi oft sinn d'Juegdschäiner tëschent 2014 an 2019 kontrolléiert ginn (opgelëscht pro Joer)?

5. Wéi vill Juegdschäiner sinn an de leschten 10 Joer agezu ginn (opgelëscht no den Dispositiounen an den Artikelen 68 a 69 an no Joer)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange